PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 20/04/2023

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Interieur weiderzeleeden.**

D'Gemengewale sti virun der Dier an d'Madamm Inneministesch huet schonn eng Réi Circulairen zu de Walen un d'Buergermeeschteren a Buergermeeschtesche geschéckt.
Bei de leschte Wale goufen an verschiddene Walbüroe Bläistëfter amplaz Bicken an d'Walkabinne geluecht. De Risiko bei de Walziedelen, déi per Bläistëfter ausgefëllt ginn ass, dass d'Votten herno verännert oder ewech radéiert kéinte ginn.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Fro stellen:

1. Wäert d'Madamm Inneministesch eng Circulaire un all d'Gemenge maachen, mat der Uweisung, dass nëmmen Bicken dierfe benotzt ginn?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten